04/2020

debulletin

Editorial vum Patrick Remakel
En dach ganzt speziellt Schouljoer

Interview : Verschidden Temoignagë
Isabelle Loewenstein

La reprise : Témoignage d'une mère
Vanessa Schetgen

Cahier de charges VP
Nicolas Thill

syndicat national des enseignants
cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

Sommaire

debulletin
4/2020

02 Editorial vum Patrick Remakel
2019/2020 : En dach ganzt speziellt Schouljoer

10 Interview :
Verschidden Temoignagë
Isabelle Loewenstein

16 La reprise :
Témoignage d'une mère
Vanessa Schetgen

18 Papperlapapp
Jetzt auch in Luxemburg

20 Cahier de charges VP
Nicolas Thill

38 A la mémoire de Carlo Engels
de Luxembourg
Roby Zenner

Éditorial

2019/2020 : En dach ganzt speziellt Schouljoer

An der weltwäiter Kris vum Coronavirus ass et den 12. Märerz zu engem neie Moment hei zu Lëtzebuerg komm: De Premier Minister huet matgedeelt, dass d'Schoule vu méindes dem 16. Märerz un am ganze Land zougemaach géifen. D'Coronakris huet eis all iwwerrullt an d'Liewe vun de Kanner, den Elteren an den Enseignanten déifgräifend verännert. Dës sanitär Kris huet nämlech fir d'Enseignantë bedeit, vun haut op muer net méi a Presenz vun de Schüler Schoul ze halen. Ganz kuerzfristeg hunn d'Enseignanten an d'Schüler missen op nei Kommunikatiounsweeër an nei Methoden zeréckgräifen. Et koum zum sougenannten « Enseignement à distance », een Challenge, deen d'Enseignantë mat Bravour gemeeschtert hunn. D'Unterrechtszäit an der Schoul, déi ausgefall ass, konnt Dank dem Engagement vum Léierpersonal zu engem groussen Deel kompenséiert ginn. De Kanner hire Léierprozess ass och wärend der Coronakris weidergaangen. Mission accomplie!

Nom Confinement koum et dunn zur Planung vum Deconfinement an zu dem « Retour en classe ». Weder beim Confinement nach beim Deconfinement huet de Comité vum SNE/CGFP sech kompetent gespuert, fir epidemiologesch oder virologesch Aussoen ze maachen. Dofir konnten a wollte mir ons och ni zu de sanitäre Restriktiounen oder Lockerungen, wat de gesondheetlechen Aspekt ubelaangt, äusseren. Mir hunn op deem Plang ëmmer d'Responsabilitéit vun den Decisiounen der Santé iwwerlooss. Ganz kloer hu mir awer ëmmer gefuerdert, dass d'Gesondheet vun de Kanner an den Enseignantë bei all de Schrëtt, déi bei der Bewältegung vun der Kris geholl goufen, un éischter Stell misst stoen. Am Zweiwelsfall däerfte keng onnéideg Risike geholl ginn. Dat war, an ass och haut nach ëmmer, d'Positioun vum SNE/CGFP.

Op organisatoreschem a pedagogeschem Plang kann a wäert den SNE/CGFP sech an dëser Kris awer ëmmer zu Wuert mellen. Aus deem Grond hu mir bei der Organisatioun vum « Retour en classe » kloer Fuerderungen gestallt. Deene meeschte vun eise Fuerderungen ass dann och Rechnung gedroe ginn:

- Och am Coronastonneplang ass weider mat Schoulstonne gefuer ginn.
- Keen Enseignant ass gezwonge gi fir lwwerstonnen ze leeschten. Eng ganz Rei vun eis, wann net déi allermeeschten, hunn dat fräiwëlleg gemaach.
- Och ass keen Enseignant gezwonge ginn, fir mëttes an der « Structure d'accueil » ze schaffen.
- …

Dëst waren nëmmen 3 Haaptfuerderunge vum SNE/CGFP, déi och esou 1 zu 1 ëmgesat goufen. Niewent senge Fuerderungen huet den SNE/CGFP awer och net mat berechtegter Kritik un der Reprise gespuert:

- De Splitting an A- a B-Gruppe bei der Reprise war mat engem enormen Opwand verbonnen. Dëst hätt kënne mat e bësse méi « Bon sens » a Viraussiicht verhënnert ginn.
- Des Weideren hu bei der Gruppenandeelung pedagogesch Aspekter oft nach just eng ënnergeuerdent Roll gespillt. Net oft genuch ass nom Interêt vun de Kanner gekuckt ginn. Dëst war eng bedauernswäert, wann net esouguer eng irresponsabel Haltung vun de politesche Verantwortlechen!
- Ëmmer nees nei Direktiven, déi oft kontradiktoresch zu den ale waren, hunn eis d'Liewe bei der Organisatioun vun der Reprise enorm erschwéiert an hunn d'Léierpersonal ganz dacks bis un hir Belaaschtungsgrenz bruecht.
- Mat engem grousse bürokrateschen Opwand huet innerhalb vun e puer Deeg eng ganz nei Schoulorganisatioun fir den Zäitraum vum 25. Mee bis zum Enn vum Schouljoer opgestallt musse ginn … .

Op organisatoreschem a pedagogeschem Plang kann a wäert den SNE/CGFP sech an dëser Kris awer ëmmer zu Wuert mellen.

An nëmme well all d'Enseignanten, also dat ganzt Léierpersonal bis un hir Grenze gaange sinn, ass dës Reprise gegléckt.

E weideren neie Moment ass dunn de 29. Juni komm: vun deem Zäitpunkt u sinn d'Kanner nees am Klasseverband zesummen ënnerriicht ginn.

Erlaabt mir ofschléissend trotzdeem e puer méi positiv Reflexiounen zu der Reprise vum 25. Mee:

- D'Opdeele vun de Klassen huet gewisen, dass et dacks méi einfach a méi effikass ass mat enger reduzéierter Schülerzuel ze schaffen. Aus deem Grond wäert den SNE/CGFP d'Diskussioun iwwert de Contingent nei lancéieren. Dëst hu mir dem Minister Meisch och schonn ugekënnegt.

D'Opdeele vun de Klassen huet gewisen, dass et dacks méi einfach a méi effikass ass mat enger reduzéierter Schülerzuel ze schaffen. Aus deem Grond wäert den SNE/CGFP d'Diskussioun iwwert de Contingent nei lancéieren.

- D'Fro stellt sech, ob de Coronastonneplang als eng méiglech Alternativ zum aktuelle Stonneplang kéint gesi ginn? Natierlech muss ee kucken, wéi déi feelend 3 Unitéiten an esou e Stonneplang, dee just iwwer de Moie leeft, agebaut kënne ginn. Mir wäerten deemnächst eng Ëmfro lancéieren, fir d'Positioun vun iech, eise Memberen, zum Coronastonneplang gewuer ze ginn. Wëllt dir dee bäibehalen oder sidd dir éischter mat dem normale Stonneplang zefridden? Dobäi däerf een natierlech net aus den Ae verléieren, dass d'Kanner zënter dem 25. Mee manner Schoulstonnen haten, well de Sportunterrecht jo ewech gefall ass.

- A Punkto « Formation continue » revendiquéiert den SNE/CGFP eng Verlängerung ëm 6 Méint vun der Referenzperiod vun 3 Joer, wärend där d'Enseignanten hir 48 Stonne Formatioun musse leeschten.

  Et ass wuel wouer, dass d'Enseignantë wärend der Fermeture vum IFEN op eng erweidert Offer un Online-Formatiounen zeréckgräife konnten, mee trotzdeem si mir der Meenung, dass den Enseignanten hiert Recht op « Formations continues en présentiel » misst erhale bleiwen.

Hei dann awer och nach e puer Iwwerleeungen zum Schouljoer 2020-2021:

Wéi gesinn d'Pläng vum MENJE aus fir d'Rentrée? Jee nodeem wéi d'Pandemie sech entwéckelt, kéinte jo ënnerschiddlech Zenarien envisagéiert ginn an a Kraaft trieden!

Et wär vun enorm grousser Wichtegkeet, wann de Minister sech fréi genuch mat de concernéierten Acteuren doriwwer géif austauschen. D'Schoule solle rechtzäiteg informéiert ginn, wéi d'Rentrée ausgesi soll, fir dass et net erëm zu engem grousse Stressmoment fir d'Enseignantë kënnt.

Den SNE/CGFP bleift och bei senger Fuerderung fir en zousätzlechen, aussergewéinleche Contingent - e sougenannte Contingent COVID 19 - fir d'Schouljoer 2020-2021 anzeféieren.

Am Numm vum SNE/CGFP wënschen ech iech alleguerten eng wuelverdéngten, erhuelsam a flott Vakanz.

Patrick Remakel
President vum SNE/CGFP

Am Numm vum SNE/CGFP wënschen ech iech alleguerten eng wuelverdéngten, erhuelsam a flott Vakanz.

Patrick Remakel,
President sne/cgfp

LuxDidac 2020 online

Dû aux circonstances actuelles, la LuxDidac 2020 n'aura pas lieu sous sa forme traditionnelle, mais sera remplacée par une exposition en ligne.

En effet, nos exposants auront l'occasion de présenter leurs nouveautés sous forme virtuelle – et ceci sur nos différentes plateformes numériques (www.sne.lu, Facebook, YouTube, Instagram).

Des formations resteront bien-sûr au programme de la LuxDidac 2020. Elles ne se limiteront cependant pas aux trois journées habituelles, mais auront lieu à plusieurs dates de fin septembre à début octobre.

Selon les dispositions en vigueur lors de la rentrée des classes en septembre, nous avons prévu d'organiser, outre les formations avec présence, des formations en ligne.

Dès maintenant nous vous invitons déjà à vous inscrire à la conférence suivante :

Kinder, digitale Medien und das Gehirn

(Code: D6-b-03)

Dr. Manuela Macedonia, Neurowissenschaftlerin an der Universität Linz

Wie wirkt sich diese allgegenwärtige Digitalisierung auf die Entwicklung des kindlichen Gehirns aus?

Profitieren Kinder von der digitalen Welt oder schädigt sie diese?

Zielsetzung / Objectifs

Wissen

Die Teilnehmer/-innen kennen:
- den negativen Einfluss vom übermäßigen Medienkonsum auf die kognitiven Fähigkeiten der Nutzer/-innen
- die Auswirkungen des Medienkonsums auf die Psyche
- das Suchtpotential, welches der Gebrauch digitaler Medien hervorruft.

Fähigkeiten

Die Teilnehmer/-innen sind in der Lage:
- Chancen und Risiken der allgegenwärtigen Digitalisierung abzuwägen
- ihre Rolle als Pädagogen/-innen und andere Bezugspersonen zu analysieren
- zu unterscheiden, was man von digitalen Medien lernen kann und was nicht.

Haltung

Die Teilnehmer/-innen:
- reflektieren ihr eigenes Verhalten in Bezug auf den Gebrauch digitaler Inhalte
- setzen sich kritisch mit dem Vortrag auseinander
- sind bereit, Fragen zum Thema zu stellen.

Inhalt / Contenu

Kinder und Jugendliche wachsen mit digitalen Medien wie selbstverständlich auf. Sie kommen von klein auf damit in Kontakt, sei es durch einfache Spiele am Smartphone oder Computer, durch Fotos mit der Handykamera oder durch das Betrachten von Bildern und Kurzfilmen im Internet. Damit sind Chancen verbunden, aber auch Risiken. Wie wirkt sich diese allgegenwärtige Digitalisierung auf die Entwicklung des kindlichen Gehirns aus? Profitieren Kinder von der digitalen Welt oder schädigt sie diese? Was können sie von digitalen Medien lernen und was nicht? Welche Rolle sollten Eltern, Pädagogen/-innen und andere erwachsene Bezugspersonen dabei einnehmen?

Die Neurowissenschaftlerin Dr. Manuela Macedonia wird sich in ihrem Vortrag damit auseinandersetzen, wie unser Gehirn digitale Inhalte verarbeiten kann und wo speziell für Kinder und Jugendliche sinnvolle, aber auch risikobehaftete Lernprozesse in Verbindung mit digitalen Medien stattfinden.

Date :	le mercredi 23 septembre 2020 de 18 à 19.30 heures
Lieu :	Athénée de Luxembourg - Salle Folmer
Nombre maximum de participants :	150
Places disponibles :	150
Statut de la formation :	Inscriptions ouvertes au 15/6
Délai d'inscription :	-

Praktische Hinweise / Informations pratiques

Ordre/s d'enseignement :	C1, C2-C4
Public cible :	personnel enseignant, éducatif et psycho-social
Validation :	- enseignant/e/s EF : formation prioritaire
	- éducateurs/-trices (grad.) EF : formation prioritaire
	- enseignant/e/s ES : formation non-prioritaire
Langue(s) :	allemand
Informations :	Institut de formation de l'Éducation nationale
Organisation :	formation organisée en coopération avec le SNE/CGFP

Inscription : **https://ssl.education.lu/ifen/descriptionformation?idFormation=267801**

INFO aux membres

syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

Monsieur Claude Meisch
Ministre de l'Education nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse
29, rue Aldringen
L-1118 Luxembourg

Luxembourg, le 29 juin 2020

Objet : Décharges prévues pour la participation au comité d'école

Monsieur le Ministre,

Par la présente, le SNE/CGFP tient à vous faire part d'une réflexion concernant les décharges prévues pour la participation au comité d'école à partir de la réouverture des écoles du 25 mai 2020.

Le règlement grand-ducal du 27 avril 2009 fixant la composition et les modalités de fonctionnement du comité d'école et du comité de cogestion, la composition du corps électoral et les modalités d'élection des membres, le calcul du volume des leçons supplémentaires mis à disposition des comités prévoit que le nombre total de leçons hebdomadaires de décharges attribuées pour la participation au comité d'école équivaut au tiers du nombre des membres du personnel de l'école assurant au moins une demi-tâche.

Considérant que le nombre des membres du personnel des écoles a considérablement augmenté dans les écoles fondamentales à partir du 25 mai 2020 suite à la scission des classes en groupes A et B et compte tenu du fait que la charge de travail incombant aux comités d'école et à leur président a ainsi connu une augmentation correspondante, le SNE/CGFP est d'avis que les décharges accordées aux comités d'école devraient être revues à la hausse à partir de cette date. Les présidents et les membres d'un comité d'école devraient en conséquence avoir la possibilité de déclarer ces heures de décharge supplémentaires qui leur reviennent de droit dans le cadre de leur participation au comité d'école. Le SNE/CGFP estime que ces décharges supplémentaires leur devront être ou bien créditées sous forme de leçons supplémentaires indemnisées, ou bien comptabilisées sur le compte épargne-temps.

Dans l'espoir que notre requête trouvera un accueil favorable, nous vous prions d'agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de notre parfaite considération.

Patrick Remakel
Président SNE-CGFP

Gilles Glesener
Secrétaire SNE-CGFP

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie
Tél.: +352 48 11 18
Fax: +352 40 73 56
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg
sne@education.lu
www.sne.lu

syndicat national des enseignants cgfp

Gëff Member beim sne/cgfp!

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

www.sne.lu

Interview : Verschidden Temoignagë

Auteur : Isabelle Loewenstein

1) Temoignagë vun Enseignanten

Ech war immens gestresst duerch all déi Richtlinnen. Et war bal, wéi meng 1. Rentrée am September wou ech ugefaangen hunn, well ech gefaart hu mech ze ieren oder eppes ze vergiessen. Et ass och komm, wéi et huet komme missten; meng Flüchtlingsschüler haten d'Ziedelen net verstanen, obwuel ech hinnen een Traducteur ugebueden hat, si waren ze fréi, mee konnten dunn awer zum Gléck an d'Surveillance. Ech war awer och immens frou d'Kanner nees live ze gesinn an d'Kanner waren och frou.

Ech fannen d'Deeg elo awer zimmlech laang bis 13.00 Auer. Mäi Stress a meng Bedenken am Virfeld vun der Rentrée, waren awer nom 1. Dag fort, och wann een ëmmer nees déi selwecht Kanner un d'Richtlinne muss erënneren. Ech war och frou déi 2 Gruppe gesinn ze hunn, och wa bei eiser Klass do lo eng komplett Onausgeglachenheet besteet. An där enger Grupp si 5 Kanner an an där anerer 10. Do sinn dann o nach Flüchtlingskanner a Primo- Arrivanten dran, déi jo leider keen Accueil méi hunn an 2-3 verschidde Programmer; dat ass da méi ustrengend.

De jonken Här aus dem Übungsgrupp ass ganz oppen an engagéiert.

Mäi Fazit: Ech hu lo manner Stress, ech gesinn d'Kanner live a kann intervenéieren, mat hinne schwätzen, laachen, ... asw. Ech wär definitiv net gemaach fir een « Enseignement à distance » fir ëmmer. Ech hu fonnt, dass et vill méi Aarbecht war am « Enseignement à distance » an d'Leit sech zu deenen onméiglechsten Zäite gemellt hunn ouni iergendeng Limite vu Vakanz, Weekend an Dageszäit ze respektéieren. Dat ass lo nees e bësse besser. Ech wär lo just nach frou, wa mer dann d'Schüler déi leschte Wochen nach eemol all zesummen däerften empfänken, dat wär topp.

Joffer Michèle, cycle 3.2

2) Temoignagë vu Kanner

Wéi war de Schoulufank de 25.5. fir dech?

Léift Tagebuch :


Wir haben eine Masce.
Auch in der Schule.
Wir sehen wieleich nich
mäch unsere Freunde.
weil Corona.
Wir sient aufgeteilt.
Wir musen die Mascen an-
haben. wenst Corona!


Coronafirus. Ist einen
schliemen firus.
Die Omas und Opas schtörb
en da von Corona.
Aber wir gehen nicht
mäch in die Schule.
Nach 2 monaten gehen
wir wieder in die Schule.

Mia, cycle 2.2

Emma, cycle 1

Noemie, cycle 1

Chloé, cycle 3.1

3) Temoignagë vun Elteren

1. Interview

1) Wéi hutt Dir als Elteren d'Reprise de 25. Mee empfonnt?

Mat der Annonce vun der Rentrée hat ech grouss Schwieregkeeten. Deemools waren (a sinn haut och nach) immens vill Inconnuë par Rapport zum COVID19, an do war (an ass) et fir mech ganz schwéier, d'Gesondheet vu menge Kanner potenziell ze riskéieren. An där Zäit awer ass mer schonn opgefall wéi vill aner Kanner aus dem Duerf sech net un de Confinement gehalen hunn, an hunn dunn agesinn, dass et bestëmmt aner Kanner gëtt wou et net esou gutt doheem funktionéiert huet.

Ech weess awer och wéi gutt eist Léierpersonal drop ass, a wéi gutt eise « Service Accueil » an der Gemeng funktionéiert - do war et op jiddefalls einfach, der Saach op d'mannst eng Chance ze ginn.

2) Wéi huet Ären Alldag sech säit der Reprise verännert?

Den Alldag huet sech « All Dag » verännert! Wéi d'Annonce koum, war ech zum Beispill nach komplett am Teletravail. Aus Virsiicht, an awer och fir d'Laascht ze minimiséieren, hate mer schnell decidéiert, eis Kanner just moies an an de Léiergrupp unzemellen. D'Form vun der Reprise huet sech an deem Mount och eng gefillten 100 Mol geännert.

Ee knappe Mount méi spéit muss ech nees 4 vu 5 Deeg schaffe goen, an och wann ech ganz gutt den Opwand kenne fir esou eppes ze plangen, hunn ech et ganz schro fonnt, wéi laang am viraus en sech huet misse festleeën iwwert den Accueil. Mir kréien eis doheem organiséiert, mee ech wëll net wësse wéi vill Elteren elo op eemol an enger schlechter Situatioun sinn.

3) Wéi ass Äre « Point de Vue » par Rapport zu der Rentrée am September?

Déi kënnt wann et esou wäit ass. Dat Ganzt hei war als Elterendeel net einfach, an an de Gemengegremien nach vill manner. Wann ech eppes geléiert hunn déi lescht Wochen a Méint: d'Situatioun ka sech am Stonnentakt änneren! Par conter, sou gutt wéi eist Personal dat ëmmer hikritt, sinn ech zouversiichtlech, dass se dat genau sou gutt och fir de September gebrode kréien.

Papp vun 2 Kanner (cycle 1.2 & cycle 4.1),
Gemeng Helperknapp

2. Interview

1) Wéi hutt Dir als Elteren d'Reprise de 25. Mee empfonnt?

Als Eltere ware mir nervös, och eise Jong war ganz nervös. Wéi mir dunn an der Schoul ukomm sinn, war et méi einfach fir eis, wéi mir bis der Joffer hir Organisatioun gesinn hunn. D'Léierin vun eisem Bouf hat eis gutt preparéiert a verséchert, dass alles gutt lafe wäert. Wéi den 1. Schouldag dunn eriwwer war um 13 Auer, war eise Fils awer immens frou an ech als Mamm wierklech erliichtert.

2) Wéi huet Ären Alldag sech säit der Reprise verännert?

Am Alldag geet et nach, well ech nach ëmmer am Teletravail sinn. D'Übungswoch doheem erfuerdert méi Organisatioun, well ech do mat mengem Jong muss léieren an zur selwechter Zäit fir meng eegen Aarbecht schaffe muss. Ech si frou, dass ech mengem Bouf konnt hëllefen, mee ech soen der Joffer op dëser Plaz och e grousse Merci well si ëmmer disponibel war fir eis ze hëllefen.

3) Wéi ass Äre « Point de Vue » par Rapport zu der Rentrée am September?

Ech stelle mir nach puer Froe fir d'Rentrée am September: Ass do och just all 2 Woche Schoul? Ech hoffen dat net, éierlech gesot. Ech hoffen, dass nees regulär Schoul ass. D'Kanner brauchen dat einfach, si brauchen eng alldeeglech Routine a wäre frou nees bei all hire Frënn an hirer Joffer ze sinn. Et däerf een net vergiessen, dass net all Kand d'Chance huet vun den Eltere gehollef ze kréien. 2020 ass e schwéiert Joer, mee zesumme wäerte mir doduerch kommen.

Lilli Madeira, Mamm vum Yvan (cycle 2.2)

4) Temoignagë vun Enseignantë, déi als « Personne vulnérable » weider am « Enseignement à distance » schaffen

Eng Stëmm aus dem cycle 1

Eng Rentrée ouni mech!

Wann een als jonken Enseignant vu sengem Dokter zertifiéiert kritt, dass een aus gesondheetleche Grënn als « Personne vulnérable » gëllt, dann ass dat eréi eng Strof.

A priori heescht dat nämlech, dass een de 25.5. net zréck an d'Schoul geet fir senger regulärer Tâche nozegoen.

Den zweeten 1. Schouldag vun dësem Schouljoer hunn ech deemno eleng doheem verbruecht. Ech hunn am Virfeld souwuel d'Kanner, hir Elteren, wéi och den Ersatz aus der Distanz informéiert a suivéiert. Mee ech war net do fir meng Schüler no dëser schwiereger Zäit ze ëmfänken a ka se lo net weider ënnerriichte bis de 15. Juli.

Jo, et fillt sech un, wéi wann een engem d'Brout geklaut hätt; säin Job mat senge Schüler, deen ee gär mécht. Ech si jo net krank, mee « à risque », dat ass e frappanten Ënnerscheed. Anescht wéi am Kader vun engem Krankeschäin, schaffen ech jo weider, vun doheem aus a mat aneren, neien Aufgaben. Et muss een zréck triede vu senger Roll an en Deel vu senger Responsabilitéit ofginn; et ass ee jo schliisslech net physesch do.

Aktuell, betreien ech Schüler, déi och net zréck an d'Schoul konnte goen. An iergendwéi sëtze si an ech am selwechte Boot. Mir sinn déi, wou am Deconfinement mat Momenter vergiess goufen. Mir hu weider keen normalen Aarbechts- a Schoulalldag a liewen nach laang net wéi virdrun. Mir feelt den alldeeglechen Echange mat menge Schüler, hiren Elteren an den Aarbechtskolleegen.

Et kritt een ëfters gesot: « Et ass jo fir deng Gesondheet ze schützen! » Anerer soen: « Du häss jo awer roueg kënne schaffe kommen! ». De Feedback vu bausse schwankt also vu Versteesdemech bis hin zu Onverständnis . Och dat ass net evident ze erdroen. Ech selwer schwanken tëschent engem fatzege schlechte Gewëssen op där enger Säit an dem Wonsch gesond ze bleiwen op där anerer Säit. Et ass änlech engem « Covidemma », engem « Dilemma à la COVID19 ».

Et ass sécherlech keng einfach Zäit am Wëssen ze sinn, dass ee bis viraussiichtlech September keng Schoul méi an engem Klassesall wäert halen. An déi vill Onkloerheeten opgrond vun den ënnerschiddlechen Informatioune betreffend dem Coronavirus féieren och alles anescht wéi zu enger Berouegung vum sozio-emotionale Befannen. Mir musse weider ofwaarden a kucke wat geschitt.

Eng Léierinn aus dem cycle 1

Eng Stëmm aus dem cycle 2-4

Die Wiederaufnahme des Schulbetriebs am 25/05 hat für mich persönlich keine nennenswerten Änderungen mit sich gebracht. Seit dem Lockdown habe ich kleine Gruppen aus verschiedenen Klassen des Cycle 2 über Microsoft TEAMS betreut, d. h. wir haben zusammen per Videokonferenz Aufgaben erledigt und Themen behandelt, die von den KlassenlehrerInnen vorgegeben wurden (Deutsch und Mathe). Gerade im Cycle 2 ist es besonders wichtig die Gruppen klein zu halten (3-4 Kinder), da die Schüler sonst sehr schnell abgelenkt sind, bzw. es oft zu Durcheinander kommt, wenn zu viele Teilnehmer am „Videounterricht" beteiligt sind.

Als Person die zur Risikogruppe gehört, bin ich aus gesundheitlichen Gründen auch nach dem 25/05 immer noch zu Hause, und unterrichte weiterhin per TEAMS. Ich betreue jeden Tag 2 Schüler die auch als „Personnes vulnérables" gelten, und deshalb zu Hause bleiben müssen. Des Weiteren helfe ich kleinen Gruppen von Schülern, die während den „Übungswochen" zu Hause sind, bei ihren Aufgaben.

Obwohl nicht zu leugnen ist, dass das Arbeiten im „Home office" seine Vorteile hat (z. B. kein Stau am Morgen, kleinere Arbeitsgruppen, keine Ansteckungsgefahr...), so muss allerdings deutlich gesagt werden, dass der Unterricht per Videochat sehr zeitaufwändig und komplex ist. In der gleichen Zeitspanne kann (im Vergleich zum Unterricht in der Schule) viel weniger „Stoff" bearbeitet werden, sowohl wegen der kleinen Gruppen, wie auch auf Grund der technischen Hürden.

Ich kann es jedenfalls kaum erwarten, dass auf medizinischer Ebene schnelle Fortschritte erzielt werden (Impfstoff, Medikamente), damit ich endlich wieder „normal" arbeiten kann.

Lehrer cycle 2-4 / im Augenblick Sportlehrer

D'Isabelle Loewenstein
ass Enseignante am Cycle1
an der Gemeng Hesper
a Member vum Comité central
vum sne/cgfp.

La reprise : Témoignage d'une mère

Interview : Vanessa Schetgen avec Cécilia Vernhes

En tant que parent, comment est-ce que vous avez vécu la reprise ?

Le lundi 25 mai 2020 a été vécu pour moi comme une vraie rentrée des classes.

Nous en parlions beaucoup avec les enfants au début du confinement, puis l'attendions sans vraiment y penser pendant les semaines qui ont suivi. Et finalement quelques semaines (quelques jours !) avant, les choses se précisent, les communications arrivent, les plannings s'organisent. Et ce 25 mai devient assez rapidement « la rentrée ».
« Tu crois que mes copines seront avec moi dans ma classe ? » me demande ma fille de 6 ans 1/2. « Mais moi je ne veux pas retourner à l'école! » annonce mon fils de 4 ans ½.
« Où est la gourde ? Et la boîte à goûter ? Faut-il rapporter des pantoufles ? Est-ce que ces chaussures sont encore à leur taille ? » sont tant de questions qui se rajoutaient aux leurs.

Le temps qui a passé entre le dernier jour d'école avant le confinement et la reprise en déconfinement joue évidemment un très grand rôle : 2 mois ! Eh bien 2 mois, c'est autant que du 15 juillet au 15 septembre, 2 mois, c'est d'ailleurs une nouvelle unité de temps qui a été intégrée par les enfants: « Deux mois, c'est un coronavirus, donc les vacances d'été, c'est autant qu'un coronavirus ! ».

Le changement de rythme qui est habituellement inhérent aux périodes de vacances a également marqué cette reprise. Être ensemble, être à la maison, être dehors … ça ressemble un peu à des vacances non ? Se coucher de bonne heure, remettre un réveil le matin, se dépêcher pour ne pas être en retard à l'école, tout ce déroulement rythmé a fourni un air de rentrée des classes à ce 25 mai.

Et puis l'émotion. Pourquoi en tant que parents sommes-nous émus voire même inquiets de voir nos enfants accomplir des choses qui sont parfaitement de leur âge et qui n'ont rien d'extraordinaire ? Parce qu'avant de les voir ce matin du lundi 25 mai monter sur leurs bicyclettes, sac à dos en place et casques sur la tête ..., pendant le confinement je les ai vus : essayer, réessayer, recommencer. Je les ai vus hésiter à l'idée d'enlever les petites roues de la bicyclette, tomber, pleurer, avoir peur, être fiers, en parler à la famille. Je les ai vus râler, ne pas penser y arriver, être surpris par une voiture, être rattrapés par le col au milieu de la route. C'était donc beaucoup d'émotions ce lundi 25 mai de les voir prêts, de les voir à l'aise, de les voir grandir.

Cette nouvelle routine s'ajoute à de nombreuses autres, le lavage des mains sous toutes ses coutures, les fameux 2 mètres, les copains qu'on ne retrouve pas tous, les adultes qui portent des masques, l'alternance des classes et des enseignants…

Sans aucun doute, l'émotion, le sourire sur le visage, le regard bienveillant, l'estomac qui se noue sont les sentiments qui caractérisent cette matinée du 25 mai. Et puis on reprend notre journée, avec une légère sensation de vide, toute cette vie, tout ce brouhaha, toutes ces manches tirées et câlins réclamés s'arrêtent pour quelques heures. Alors oui, définitivement, le 25 mai, c'était la rentrée !

Quelles répercussions la reprise (l'organisation des groupes, les mesures de protection etc...) a-t-elle eu sur votre vie quotidienne ?

Je dirais que ça n'a pas été évident. Tout d'abord, parce que le confinement a été une période qui a nécessité de grands changements et que la reprise sous une forme différente que l'école comme d'habitude n'était donc pas un retour à la normale, mais bel et bien une toute nouvelle situation.

Je salue et je remercie les efforts de coordination qui ont été faits entre le Ministère, la commune, l'école, les enseignants et les parents. En tant que parent, j'ai vraiment eu un sentiment d'implication de la part des différentes parties intervenantes. Nous avons été informés successivement des décisions prises. Les explications étaient claires et surtout cohérentes de la part des différents acteurs. Nous avons également été sollicités par nos propres organisations professionnelles et il a été primordial de pouvoir compter sur des messages clairs.

En classes précoces, le fait que les enfants n'ont pas eu d'alternance d'enseignants me paraît très important. A leur âge une alternance en plus des changements d'organisation au sein de la classe aurait été certainement assez complexe à supporter. Pour le cycle 1, une fois les copines retrouvées et la porte d'entrée repérée, l'organisation est restée assez fluide et claire.

Pendant la semaine de vacances de juin, les enfants ont particulièrement apprécié pouvoir rester dans leurs classes avec le personnel éducatif de la Maison Relais et pour l'organisation des parents cela a eu aussi l'avantage de ne pas changer à nouveau de lieu une semaine après la reprise.

Concernant le rythme de journée d'école, une plus longue matinée tous les jours avec des après-midis réservés aux activités libres sportives et de loisirs est (de mon vécu et considérant l'âge de mes enfants) extrêmement bien adaptée. Ils commencent tôt leur journée avec une énergie propice à la concentration, au calme, à la minutie. Et après le déjeuner suivi d'un moment de repos, ils peuvent entamer l'après-midi avec des activités plus libres, d'extérieur et plutôt physiques. Je retrouve ici le rythme qui s'est installé assez naturellement avec eux pendant le confinement, qui me paraît bien plus adapté à leur rythme et leurs besoins naturels que des journées qui peuvent être « à rallonge » lorsque l'on doit concilier les horaires de tout le monde, alternées avec des après-midis de loisirs les mardis et jeudis qui finissent assez vite par être la course pour amener ou déposer chaque enfant.

Quel est votre point de vue par rapport à la rentrée en septembre ?

J'ai personnellement bon espoir que l'école pourra s'organiser avec des mesures de précaution (lavage de mains, éternuer dans son coude, rester chez soi si l'on est contagieux) qui sont de bons réflexes sanitaires de vie en communauté, quel que soit le virus dont il est question.

Les enfants ont besoin d'un cadre structuré et stable, surtout à la rentrée qui représente déjà de nombreuses nouveautés, j'espère que l'école « normale » sera une école où les enfants pourront se retrouver ensemble, avec leurs enseignants, dans leurs salles de classe, mais en ayant assimilé de nouveaux réflexes.

Les parents vont d'un point de vue professionnel être confrontés à une fin d'année certainement assez chargée dans de nombreux métiers: après la période du confinement, la semi-reprise du déconfinement, puis les vacances d'été, je ne doute pas que septembre redémarrera assez vite. La stabilité d'organisation que pourra offrir l'école permettra à de nombreux parents de répondre aux autres engagements qu'ils peuvent avoir.

Et puis en 2020, on aura eu deux rentrées, mais au final peu d'occasions de se voir avec les enseignants; cette rentrée sera peut-être l'occasion de reprendre le temps d'un dialogue, d'un échange, d'un partage d'expériences.

Cécilia Vernhes, Howald

D'Vanessa Schetgen
ass Enseignante am Cycle1
an der Gemeng Hesper
an éischt Vize-Presidentin
vum sne/cgfp.

NEU

Papperlapapp

Jetzt auch in Luxemburg

Ab Herbst dieses Jahres gibt es Papperlapapp in Luxemburgs Grundschulen in Deutsch in Kombination mit Englisch, Französisch, Italienisch, Portugiesisch und Luxemburgisch.

„Papperlapapp ist auf dem besten Weg, zu einer internationalen Referenz für frühe sprachliche Förderung und bilinguale ergänzende Unterrichtsmaterialien zu werden. Ich finde es großartig und es macht mich auch stolz, dass die Papperlapapp-Hefte – thematisch und inhaltlich, gestalterisch und pädagogisch – einen Qualitätsanspruch verkörpern, der auch von Bildungseinrichtungen im Ausland erkannt und multipliziert wird“, erklärt Harald Feix, der sich im Papperlapapp Medienverlag um den internationalen Vertrieb & Lizenzen kümmert.

Lange Rede kurzer Sinn: Im Rahmen eines Lizenzabkommens wird es Papperlapapp ab Herbst dieses Jahres auch in Luxemburgs Grundschulen geben. Die Sprachen sind jeweils Deutsch in Kombination mit Englisch, Französisch, Italienisch, Portugiesisch und Luxemburgisch.

Wir besitzen in Luxemburg nicht nur die drei Amtssprachen Deutsch, Französisch und Luxemburgisch, sondern verzeichnen auch eine hohe Zuwanderung. Das erfordert frühe sprachliche Förderung in zumindest fünf Sprachen. Papperlapapp ist nicht nur inhaltlich und gestalterisch extrem hochwertig gemacht, sondern lässt sich aufgrund der durchgängigen Zweisprachigkeit problemlos auf die Bedürfnisse der luxemburgischen Bildungslandschaft transferieren.

Das Konzept stimmt

Im Wesentlichen besteht es aus Folgendem:

- Frühe bilinguale Sprachförderung sowohl im Familienkreis als auch im Unterricht, insbesondere für Kinder mit Migrationshintergrund.
- Begleitung der Kinder vom Vorlesen über das allmähliche selbständige Erlesen zum lustvollen Selberlesen in der ersten und zweiten Sprache.

Zahlreiche wissenschaftliche Studien belegen, dass sich Sprachen umso leichter erlernen lassen, je sicherer der Umgang mit der Erstsprache ist. Je besser die Herkunftssprache verankert ist und wird, umso leichter gelingt auch der Erwerb der neuen Bildungssprache.

Das pädagogische und inhaltliche Konzept von Papperlapapp geht auf diese Erkenntnis zurück. Realisiert wurde es vor dem Hintergrund wachsender Herausforderungen für die europäischen Bildungssysteme infolge der Zuwanderung von Populationen mit anderen Herkunftssprachen.

In der Bildungs- und der Muttersprache

Dank der zweisprachigen Ausführung von Papperlapapp werden Kinder mit Migrationshintergrund zum einen beim Erwerb der zunächst fremden Bildungssprache Deutsch unterstützt; und zum anderen erlernen sie auch ihre eigene Muttersprache besser und bleiben auch darin in Übung. Zudem erleichtert die Zweisprachigkeit auch ihren Eltern den Zugang z.B. zum Deutschen.

Im Idealfall werden die Geschichten zuerst daheim in der Erstsprache vorgelesen. Durch regelmäßiges Vorlesen und Besprechen der Bilder und Geschichten fördern die Eltern die sprachliche Entwicklung ihrer Kinder. Zugleich können diese sich selbstbewusster und aktiver einbringen, wenn die Texte in der Grundschule noch einmal auf Deutsch oder Französisch gelesen werden. Das erleichtert ihnen auf spielerische Weise das Erlernen der Sprache ihrer oft neuen Umgebung.

Es werden zunächst 6 Hefte von SNE Editions für den luxemburgischen Markt angeboten.

Weider Detailer vun de Bicher fannt dir ob eisem neie Site: **www.sne.lu (shop)**

Cahier de charges VP

Auteur : Nicolas Thill

1) Schoulhalen an der VP

An der VP huet den Enseignant oft mat Schüler ze dinn, déi a ville Beräicher Schwächten opweisen an deenen autonoomt Léieren oft schwéier fält. Et ass dofir net ubruecht, grad bei dëse Schüler munchmol méi ewéi ee Module pro Schülergrupp gläichzäiteg mussen ze enseignéieren - an dat ouni dass de Koeffizient deem Méi un Aarbecht obligatorescherweis Rechnung dréit.

- **Den sne/cgfp verlaangt dofir, dass dem Surplus un Aarbecht Rechnung gedroe gëtt andeems de Koeffizient zwéngend no uewen ugepasst muss ginn, wann ee méi Modulle gläichzäiteg enseignéiert.**

D'Mesuren, déi enger Schoul zur Verfügung stinn, wann e Schüler aus der VP opfält mat sengem Behuelen, missten ergänzt ginn. Mécht et wierklech Sënn, hie genau wéi all anere Secondaires-Schüler einfach an eng Retenue ze setzen oder en eng Zäit laang ganz aus der Klass ze huelen, wou en eppes schreiwe muss, an ze hoffen, dass e sech eleng doduerch an Zukunft besser konzentréieren a behuele kann?

- **Den sne/cgfp proposéiert zousätzlech iwwer alternativ Mesuren nozedenken. Méiglech Piste wären d'Deelhuelen un engem Anti-Gewalt-Training, Yoga oder soss enger Sportaart nomëttes no der Schoul. Dëst ass méi produktiv, fir dass de Schüler sech ofreagéieren an duerno erëm méi fokusséiert an der Schoul weiderschaffe kann.**

D'Programmer vun der VP mussen iwwerkuckt ginn. Ze oft gëtt net genuch Wäert op e Widderhuelen an dat praktescht Uwende vun de Léierinhalter, déi de Schüler an der VP beherrsche soll, geluecht. De VP-Schüler brauch manner Theorie, mee dofir méi konkrete Contenu, deen en am Beruffsliewen herno dagdeeglech uwende kann.

- **Den sne/cgfp proposéiert, dass net nëmmen déi éischt 3 Modulle méi praxisorientéiert solle ginn, mee dass een déi transversal Kompetenzen och weiderhin abaut a virun allem spiraleg openeen opbaut. Transversal Kompetenzen, wéi Liesverständnes oder den Ëmgang mat digitale Medie solle méi an de Mëttelpunkt gestallt ginn an net just am jeeweilege Fach zur Uwendung kommen. Esou kann een de Schüler och erëm méi fuerderen, well neit Wëssen net an engem Tirang 'verschwënnt', mee openeen opbaut a beschtefalls och praktesch ëmgesat ka ginn an den Atelieren zum Beispill. Am Endeffekt packe vläicht esou erëm méi Schüler hiren Apprentissage a fannen herno eng Aarbechtsplaz, well dorëms geet et an der Finalitéit jo.** [1]

De Wäerteunterrecht ass eppes, dat fir vill VP-Schüler spéiderhin enorm wäertvoll ass. Sinn et dach grad Kompetenze wéi Pünktlechkeet, Verantwortungsbewosstsinn, Responsabilitéit, respektvollen Ëmgang asw., déi de Schüler aus der VP herno a senger Ausbildung an a sengem Liewe kënne weider bréngen.

- **Den sne/cgfp proposéiert d'Fach VIESO aus dem Grupp CULGE erauszehuelen an eegestänneg opzeféieren,**

- **Den sne/cgfp proposéiert och hei iwwer alternativ Mesuren nozedenken. E konsequenten Asaz vun Theaterpedagoge fir zilorientéiert Rollespiller, Empathietraining, Artikulatiounscoursen oder d'Übe vu sécherem Optriede viru Leit stäerkt d'Selbstbewosstsinn a esouwuel déi sozial wéi och déi emotional Intelligenz vun de VP-Schüler.**

Vill VP-Klassen hunn am Géigesaz zu de Klassen am EF keen eegene « Stammsall », an deem konkret Léiermaterial grëffbereet ka leie bleiwen. Oft hänkt et also um Enseignant selwer, op hie Material keeft a senge Schüler et matbréngt oder op hie säi Grupp mat non-formaler Bildung vertraut mécht.

- **Den sne/cgfp fuerdert, dass beim Opstelle vum Joresbudget vun den eenzele Lycéeën der VP eng méi grouss Roll zoukomme soll. Oft sinn et nämlech genau dës Schüler, déi en adaptéierte Stammsall mat konkretem Léiermaterial (Rechespiller, Sproochespiller, Kaarten, Plakater, Léierfilmer asw.) oder méi kulturell Aktivitéiten (Visitte vu Muséeën, Besiche vun Theaterstécker, asw.) brauchen.**

2) Encadrement vum Schüler an der VP

Aktuell muss den sne/cgfp zwee Constate maachen: Mat der neier Orientatiounsprozedur gëtt de Schüler éischter op 7G wéi op 7P orientéiert. Doduerch geet den Undeel vu VP-Schüler, déi net aus engem Cycle 4.2 kommen, prozentual gesinn erop [2]. Eng Orientatioun op eng 7G heescht awer net, dass elo, wéi vum selwen, all Schwieregkeete sech no an no auswuesse wäerten oder esouguer direkt verschwonne sinn.

Donieft fënnt eng Inklusioun statt vu Schüler mat spezielle Besoinen, ouni dass et eng genau Ofgrenzung vun der VP zum CDI gëtt.

- **Den sne/cgfp fuerdert, dass et fir den Enseignant aus der VP méi einfach soll ginn, eng komplett Vue op dem Schüler säi Parcours am EF ze hunn. Dëst erlaabt et him ze wëssen, wat scho bis dohinner alles festgestallt an ënnerholl gouf fir dem Schüler ze hëllefen. Esou kann een op 7P vill Zäit mam Erstelle vun Analysen an Diagnostike spueren an all concernéierten Enseignant aus der VP weess ab dem 1. Schouldag iwwert de Schüler Bescheed. De Schüler kann doduerch an enger VP-Klass direkt richteg opgefaange ginn.**

- **Den sne/cgfp proposéiert hei d'Aféiere vun engem « Secret professionnel partagé » a fuerdert, dass och d'Eltere responsabiliséiert gi fir wierklech all Informatioune weiderzeginn.**

- **Wann d'Elteren um Enn vum C4 e Wee fir hiert Kand gewielt haten, deen op 7G zu näischt féiert, muss de « Conseil de classe trimestriel » de Pouvoir kréien, eng Entscheedung zur Reorientatioun och géint de Wëlle vun den Eltere kënnen ze huelen.**

Wann Hëllefe fir Schüler ugefrot ginn, sinn Delaien oft vill ze laang, bis si beim Schüler ukommen. D'Prozedure si laangwiereg an oft feelt et u speziell ausgebiltem Personal, dat direkt asazbereet ass fir de Schüler an den Enseignant am Klassesall ze ënnerstëtzen. Hei sief d'Beispill vum Sonnerpedagog

genannt, där et net genuch am prakteschen Asaz an de Schoulsäll ginn, déi awer an der Theorie um Pabeier existéieren. Esou gëtt oft op Educateuren zeréckgegraff, fir da mat enger Zort « Team-teaching » de Schüler ze förderen. Dës Mesure kann awer leider net de spezialiséierten Enseignant ersetzen.

- **Den sne/cgfp fuerdert, dass den MENJE net u Personal an un Ausbildungsoffere spuert a weiderhi méi spezialiséiert Personal astellt fir zum Beispill d'Equipe ESEB weider opzestocken.**

- **Fir dass dëst Personal am Schoulgebai direkt asazbereet ka sinn, wann et « brennt », mussen ze laangwiereg Prozeduren oder streng hierarchesch Ofleef ëmgeännert ginn.**

- **Dem Schoulmeeschter an der VP, dee vill Erfarung vum Terrain matbréngt, soll d'Méiglechkeet gebuede gi sech nieft senger Aarbecht parallel zum « Instituteur spécialisé » weider ausbilden ze loossen. Nom Ofschloss kann hien Aufgaben zum Beispill als Sonnerpedagog oder als Anti-Gewalt-Trainer am Schoulgebai iwwerhuelen. D'Funktioun vum « Instituteur spécialisé » ass och am « Enseignement secondaire » am Gesetz virgesinn, mee bis ewell ass nach ni op deem Niveau rekrutéiert ginn. Dat muss sech änneren. Och an der VP brauche mir esou spezialiséiert Schoulmeeschteren a Léierinnen.**

- **Bei der Ausbildung op der Uni.lu an och bei de « Formations continues » muss dofir d'Offer un Coursë fir Förder- a Sonnerpedagogik ausgebaut ginn. Dëst Wësse soll net just den Enseignantë virbehale sinn, déi an engem externe Kompetenzzentrum schaffen.**

- **Extern Servicer, déi de Schüler op sengem Parcours begleeden, respektiv him Hëllefen ubidden, mussen iwwert d'ganzt Land flächendeckend verdeelt ugebuede ginn.**

Déi nei geschafe Kompetenzzentren, déi op eng spezifesch Problematik spezialiséiert sinn, si leider oft net d'Léisung fir e Schüler aus der VP. Wat nämlech maachen, wann e Schüler aus der VP gläichzäiteg verhalensopfälleg ass an derbäi och nach eng sougenannten Dys-Problematik huet? Dee passt an dëst Konzept néirens richteg eran.

- **Den sne/cgfp fuerdert dofir méi Flexibilitéit am Contingent, fir dass d'Schoul spontan spezifesch Mesurë fir een oder méi Schüler kann organiséieren. Als Beispill sief hei en temporären « Team-teaching » genannt.**

- **Den sne/cgfp proposéiert dofir d'Aféiere vun engem « Coefficient multiplicateur ».**

Inklusiv Mesuren an zousätzlech Hëllefe fir de Schüler bréngen en erhéichten Zäitopwand fir all concernéierten Enseignant mat sech. Mat dem Schafe vu weidere Servicer, wéi ESEB oder SE gëtt de professionellen Echange vun Informatiounen ëmmer méi wichteg an zäitopwänneg. Deem Surplus u Reuniounen a Concertatioune gëtt néirens an der Tâche Rechnung gedroen

- **Den sne/cgfp fuerdert, dass endlech deem erhéichten Zäitopwand Rechnung gedroe muss ginn an dass bezuelte Concertatiounsstonnen ageféiert ginn.**

Vill Enseignanten aus der VP si Member an der CIS vun hirem Lycée. An de Lycéeë mat VP kënnt déi CIS e puermol pro Trimester zesummen. Déi gesetzlech virgesinnen Aufgabe vun der CIS bedeite fir d'Memberen aus dëser Kommissioun een erhéichten Zäitopwand, deem net Rechnung gedroe gëtt.

- **Den sne/cgfp fuerdert dofir, dass eng Decharge CIS ageféiert gëtt.**

3) Orientatioun an d'Beruffswelt

Den sne/cgfp stellt sech Froen zur reeller Zukunfts-perspektiv vun de Schüler aus der VP. Kann eng «Voie de préparation», esou wéi den Numm et seet, also haut nach op de Lëtzebuerger Aarbechtsmaart, deen ëmmer méi héich qualifizéiert Aarbechtsplazen ubitt, «preparéieren»? Wéi vill Schüler aus enger VP schléissen eng Ausbildung erfollegräich of?

Um Niveau CCP ginn et net genuch Léierplazen an ze wéineg Patronen, déi bereet sinn auszebilden. Dëst ass virun allem e Problem fir Meedercher, wa si an engem ‚traditionell weiblechen' Ausbildungsberuff bleiwe wëllen.

- **Den sne/cgfp fuerdert, dass virun allem op CCP Niveau méi Offere musse geschafe gi fir en Apprentissage ze maachen. De Staat, an och d'Gemenge mussen hei an d'Flicht geholl gi fir genuch Léierplazen ze garantéieren.**

- **Zousätzlech soll de Betrib méi ënnerstëtzt ginn, wann hien e Schüler aus der VP ausbilt. Vill ausbildend Privatbetriber hu just e puer Mataarbechter a kënne sech e net eleng der Fro vun Ausbildung unhuelen a se erfollegräich meeschteren.**

- **Fir Schüler, déi an der Schoul inklusiv Mesuren haten, muss d'Ausbildungsoffer vergréissert ginn. An der aktueller Ausbildungswelt kommen dës Schüler an der Schoul zwar weider, mee an de Stagen oder der Ausbildung weise sech dann d'Limitte vun schoulëscher Inklusioun.**

- **Den sne/cgfp proposéiert, d'Offer vun Ausbildungen, déi an de Lycéeë selwer ugebuede ginn, ze erhéijen an d'Krittäre fir gëeegent Personal anzestellen ze iwwerdenken. Well et u « Maîtres d'enseignement pratique » feelt, muss een engem intresséierten Enseignant aus der VP d'Méiglechkeet kënne ginn, sech niewent senger Aarbecht professionell weiderzebilde fir duerno kënnen Ausbildungen an der « Voie Professionnelle » unzebidden.**

Um Niveau DAP ass et fir frankofon Klasse schwiereg, genuch Léierplazen ze fannen, well Patrone feelen an net genuch Programmer op franséisch ugebuede ginn.

- **Den sne/cgfp verlaangt eng Interventioun. Wann esou Klassen existéieren, muss dem Schüler mat DAP-Diplom och herno déi selwecht Perspektiv ugebuede kënne gi wéi dem Schüler aus enger net-frankofoner Sektioun.**

Et si virun allem de schouleschen Niveau an der Mathé an an de Sproochen, déi et dem Schüler oft net erlaben, eng 5AD esou ofzeschléissen, dass duerno all Apprentissagë méiglech sinn. An den Ae vum sne/cgfp muss awer sécher gestallt ginn, dass e Schüler no der 5AD och déi néideg Kompetenzen a Viraussetzunge mat sech bréngt, fir en Apprentissage op DAP-Niveau erfollegräich unzegoen. Vill Schüler schléissen hir Ausbildung allerdéngs aktuell net of, well den Ecart tëschent den Ufuerderunge vun der Beruffswelt an deene vun der Schoul ze grouss ass.

- **D'Krittäre fir Accès op eng Klass 5AD ze hunn a fir se mat Erfolleg ofzeschléisse sinn deemno net glécklech gewielt a mussen iwwerduecht ginn.**

- **Fir d'Klass 5AD muss eng eege Programmkommissioun geschafe ginn. Hei sollten och Vertrieder vun der « Formation Professionnelle » an der « Formation pour Adultes » vertruede sinn.**

- **Fir all Klassen aus der VP an d'Klass 5AD muss eng gesetzlech Basis fir d'Stageperiode geschafe ginn. Si mussen an d'« Grille horaire » stoe kommen, esou wéi et op der CIP-Klass de Fall ass. Grad fir dës Schüler ass esou e « Stage d'observation » nämlech eminent wichteg fir en éischte Kontakt mat der Aarbechtswelt ze kréien a fir sech « en connaissance de cause » fir eng Léierplaz kënnen ze entscheeden.**

- **Schüler, déi net staark genuch si fir dee schouleschen Deel vun enger Ausbildung op CCP- oder DAP-Niveau mat Succès ze packen, mussen zumindest eng Zertifikatioun vun Deelkompetenzen am Kader vun hirer Ausbildung kënne kréien.**

4) D'« Voie de Préparation » an d'Lëtzebuerger Gesellschaft

Eng Orientatioun an d'« Voie de Préparation » gëtt oft als 'Echec' ugesi bei den Elteren, wëlle si dach « dat Bescht » fir hiert Kand. Dëst ass e gesellschaftleche Phenomeen, deen ee sécher net nëmmen hei am Land fënnt. Mee wat ass dat Bescht? Schliisslech geet et jo dorëms, déi bescht Schoul fir d'Kand auszewielen, déi bei seng Virstellungen a Capacitéite passt, an net dorëms, d'Kand mordicus wëllen an eng Virstellung vun den Elteren ze pressen.

Den sne/cgfp invitéiert de MENJE, eng Promotiounscampagne fir d'VP an och fir d'Handwierk ze starten, well een och hei Zefriddenheet an Erfolleg am Beruff kann hunn.

Mee och um schouleschen Terrain ass weider Informatiounsaarbecht néideg. D'Informatiounen un d'Enseignanten aus dem C4 musse méi konkret a breet gefächert ginn. Nëmme wann den Enseignant aus dem C4 genau Bescheed weess iwwert d'Fonctionnement an d'Finalitéite vun der VP kann hien d'Eltere genau berode bei der Orientatioun am Cycle 4 vum EF.

- **Den sne/cgfp begréisst déi nei Publikatioun an e puer Sproochen iwwert d'VP a schléit vir, pro « Direction régionale EF » en Informatiounsowend ofzehalen, fir dass intresséiert Enseignantë sech um direkte Wee bei den Enseignanten aus der VP informéieren an hinnen hir Froe stelle kënnen. Dëse perséinleche Kontakt gëtt mat der neier Orientatiounsprozedur an dem Ofschafe vun de landeswäite « Conseils d'Orientation » ëmsou méi wichteg.**

5) D'Situatioun vun der Léierin an dem Schoulmeeschter am ESG:

D'Léierin an de Schoulmeeschter ass, am Ënnerscheed zum Professer, ausgebilt fir a méi Fächer kënnen ze enseignéieren an ass also méi polyvalent op den ënneschte Klasse vum ESG asetzbar.

- **Den sne/cgfp fuerdert, dass dem « Droit d'enseigner » vun der Léierin a vum Schoulmeeschter esouwuel beim Opstelle vum Stonneplang wéi och beim Verdeele vun de Klasse Rechnung gedroe gëtt. Den sne/cgfp versteet d'Suerg, esou mann Stonne wéi méiglech ausfalen ze loossen.**

- **Den sne/cgfp fuerdert, dass dee Schoulmeeschter deen e Remplacement mécht an doduerch Iwwerstonnen huet, déi Iwwerstonnen och korrekt am Webuntis berechent a bezuelt kritt. Genee wéi am EF muss d'Léierin an de Schoulmeeschter all Iwwerstonn, déi si oder hie schafft, ausbezuelt kréien oder se op de CET kënne setzen. Dëst muss och da gëllen, wa se manner wéi 0,5 iwwert der regulärer Tâche vun 22 Leçone läit.**

E Schoulmeeschter, dee mat sengem Schülergrupp aus der VP eng Aktivitéit plangt, déi net am Stonneplang steet (zum Beispill eng kulturell Visitt), muss a verschiddene Schoulgebaier herno Stonnen nohuelen, well wärend der Visitt Schoulstonnen ausgefall sinn.

- **Den sne/cgfp fuerdert, dass dës Praktike landeswäit ofgeschaaft ginn, well een déi engagéiert Leit um Terrain esou demotivéiert. Et muss hei ëm de Schüler aus der VP goen, dee vläicht fir déi éischte Kéier an en Theater oder e Musée gaangen ass.**

Aktuell läit vill Encadrements- an Disziplinsaarbecht, déi viru Kuerzem nach am « Conseil de Classe » geleescht gouf, eleng beim Regent vun der Klass. Gläichzäiteg awer gouf d'Decharge fir dës Aarbecht vu villen Direktioune gekierzt, an dat och nach ënnerschiddlech vill, ofhängeg jee no Schoulgebai.

- **Wann den Enseignant an der VP dës wichteg Tâche iwwerhëlt, da muss sécher gestallt sinn, dass d'Direktiounen och landeswäit déi selwecht Krittären uwende beim Festleeë vun Dechargen. Hei muss de MENJE landeswäit fir Kloerheet an Transparenz suergen.**

- **Bei der Verdeelung vun de Klassen an der VP muss sécher gestallt sinn, dass dëst national gerecht geschitt an dass all Lycée seng Responsabilitéite muss huelen.**

De Nicolas Thill ass Enseignant aus der « Voie de préparation » (VP) am MLG Grevenmacher a Member vum Comité central vum sne/cgfp.

[1] Wéi wichteg hei en Ëmdenke fir Lëtzebuerg ass, gesäit een och u folgender Statistik :

Proportion de jeunes de 15 ans ayant une maîtrise insuffisante en :

Compréhension de l'écrit
25,6 % (Lux.) vs. 19,7 % (Europe)

Mathématiques
23,9 % (Lux.) vs. 22,2 % (Europe)

Sciences
23,7 % (Lux.) vs. 20,6 % (Europe)

Source: Rapport de suivi de l'éducation et de la formation 2019

[2] Hei d'Chifferen zu der Orientatioun op d'« Voie de préparation » :

Schouljoer 16/17 krute 14,9% vun de Schüler eng Orientatioun op d'VP
(=774 Schüler, dovunner 504 um Enn vum Cycle 4.2 an 265 virum Enn vum 4.2)
Schouljoer 17/18 kruten 12,1% vun de Schüler eng Orientatioun op VP
(=622 Schüler, dovunner 357 um Enn vum Cycle 4.2 an 265 virum Enn vum 4.2)

Source: http://www.men.public.lu/fr/actualites/publications/fondamental/statistiques-analyses/statistiques-globales/2016-2018/index.html

Tagebuch

Eva, 7 Jahre

Montag, den 25. Mai 2020

Heute durfte ich wieder zur Schule gehen. War ich müde. Das frühe Aufstehen war ich ja gar nicht mehr gewohnt. Papa hat Claude und mich zur Schule gebracht, nachdem Mama nochmal alle neuen Schulregeln mit uns durchgenommen hat. Ich habe mir fest vorgenommen nichts anzufassen und Abstand zu halten.

Etwas komisch war es schon. Frau Brüll sitzt hinter einer Plexiglasscheibe und desinfiziert sich alle 5 Minuten die Hände. Ab und zu kommt auch ein Mann in die Klasse, der fährt schnell mal über die Türklinken und das Waschbecken und ist dann wieder verschwunden.
Eigentlich hat alles recht gut geklappt. Nur meine beste Freundin Lily werde ich wohl erst im Sommer wieder sehen. Sie ist nicht in meiner Lern-Gruppe.

Mittwoch, den 27. Mai 2020

Ich kann es nicht glauben!
Neulich haben wir mal wieder unsere Kleiderschränke ausgemistet. Wie

wahrscheinlich so fast jeder in dieser Zeit. Da habe ich in meiner Jackentasche Papas altes Handy gefunden. Heute ist dann das Wunder passiert. Papa hat mir das Handy mit Karte geschenkt! Mein erstes eigenes Handy!
Ich glaube der Dank gehört dann doch meiner Mama. Die hat bestimmt so lange auf Papa eingeredet, dass ich mit meinem Teams nerve, bis Papa einverstanden war. YEAH!

Donnerstag, 28. Mai 2020

Heute bin ich kurz zu Lily zum Spielen. In der Schule dürfen wir uns ja noch nicht sehen. Aber privat darf man das. Komisch.

Freitag, den 5. Juni 2020

Papa hat doch wohl mit meinem Handy-Abo gespart. Gerade habe ich eine Warnung bekommen ich hätte nur noch 10 % von meinem monatlichen Guthaben zur Verfügung. Das wird noch ein langer Monat. Leider geh ich ja wieder zur Schule und unser Teams wird kaum noch gebraucht. Meine Argumente gehen mir aus.

Dienstag, den 9. Juni 2020

Es ist Übungswoche. In der Schule habe ich daher diese Woche eine andere Lehrerin. Sie heißt Rosa. Rosa ist ganz nett. Rosa hat bisher immer in der Animation auf einem Kreuzfahrtschiff gearbeitet und ist froh jetzt bei uns sein zu dürfen. Wir gehen viel mit ihr an die frische Luft, nachdem wir im Wochenplan von Frau Brüll gearbeitet haben.

Montag, den 15. Juni 2020

In der Schule sind die Absperrungen im Schulhof verschwunden. Nur mit Lily spielen geht noch immer nicht, sie winkt mir aber vom Fenster aus immer zu. Ist aber nicht schlimm, da die Spielplätze wieder geöffnet haben treffen wir uns dann gleich noch.

Mittwoch, den 17. Juni 2020

Jetzt sollen wir bald doch wieder alle gleichzeitig in die Schule kommen. Immer neue Regeln. Zum Glück sind bald Ferien.

A la mémoire de Carlo Engels de Luxembourg

Auteur : Roby Zenner

Durant de très nombreuses années, l'instituteur Carlo Engels de Luxembourg qui décéda inopinément le 4 novembre 2019 à Luxembourg était l'un des responsables les plus connus au sein du corps enseignant du Luxembourg, et tout spécialement des nombreux membres du SNE/CGFP dont il était le responsable d'imprimerie des éditions, fonction aux très hautes responsabilités. Toutefois, à cette époque, le Service des Éditions du SNE/CGFP était intégralement incorporé au sein du syndicat, phase de transition de longue durée avant que les Éditions SNE/CGFP s.à r.l. ne deviennent une société indépendante du syndicat lui-même.

Carlo Engels s'engagea dans la scène syndicaliste du SNE/CGFP

comme membre de l'Assemblée des Délégués de 1988 à 1991 et de 1991 à 1995; il oeuvrait même au Comité Central de 1988 à 1991.

C'est à ce titre d'initiateur des Éditions SNE/CGFP s.à r.l. qu'il s'est adjugé avec dynamisme, compétence et savoir-faire, en toute humilité et simplicité, de grands mérites dans l'édition de livres scolaires. La direction extra-professionnelle d'une telle entreprise d'imprimerie comme celle des Éditions SNE/CGFP demande en effet un vaste savoir, un doigté sûr, d'amples connaissances au sujet d'une vision de l'école future, une direction sévère et aimable à la fois d'une équipe de professionnels et de collaborateurs, d'amples connaissances au sujet de l'équipement en matériel moderne; Carlo Engels assemblait ces qualités hors pair comme personne d'autre. C'est à ce titre qu'il mit la base des Éditions qui, plus tard, allaient se prévaloir d'un statut autonome.

Parallèlement, le pédagogue averti et engagé se mit durant des années au service de la section de Luxembourg-Ville en tant que chargé de direction des ateliers créatifs et plus tard comme membre du comité, administrateur et trésorier au service de l'Art à l'École dont il était le co-fondateur et le trésorier de la section de Luxembourg-Ville.

Et ce fut avec le même engagement désintéressé qu'au niveau paroissial il gérait durant une longue période les finances de la fabrique d'église de Beggen et en sa qualité de chargé de cours en langue française auprès des « Amitiés françaises » et en la même responsabilité des langues française et allemande auprès de l'« Initiative erëm schaffen » ainsi que comme président de la section de Beggen du « Gaart an Heem ».

Quant à ses loisirs, il les meublait par l'enregistrement de films, par des voyages étendus dans des régions à explorer ou dans des pays moins connus, par des randonnées à motocyclette, par des cours créatifs auprès de l'Art à l'Ecole et par la danse comme membre actif du club de danse de Walferdange.

Carlo Engels était né le 21 octobre 1939 comme fils aîné des deux enfants, lui et son frère Michel, de René Engels, dépositaire de boissons, et Mariette Racké et fut arraché brutalement à l'affection des siens le 4 novembre 2019, le jour même de sa fête, à l'âge de 80 ans. De son mariage harmonieux contracté en 1966 à Luxembourg avec Gilberte Schloesser de Luxembourg sont issus deux fils, Jean et Paul dont les enfants Laure, Leo, Laurent et Lilly devinrent plus tard l'une des grandes passions d'affection surtout de leur grand-père. Durant des années, essentiellement celles de leur petite enfance, il partageait ses rares heures de loisirs avec ses petits-enfants. Gilberte Engels-Schloesser décéda le 23 août 1992. En 2003, Germaine Kirsch-Braun, ancienne collègue de l'Art à l'Ecole et veuve depuis 1997 devint la compagne de Carlo Engels. Elle est mère de quatre enfants et enseignante. Ensemble, ils partageaient leur vie de famille d'une manière harmonieuse.

Après ses années d'école primaire à Luxembourg-Belair et à Hollerich, il entra au Lycée Classique d'Echternach comme élève interne de la 6e à la 1re. Après d'excellentes études à Echternach et à l'Institut Pédagogique à Luxembourg où il décrocha la « Bourse Michel Rodange » comme meilleur élève de l'année, il fit son service militaire obligatoire durant une année avant une courte période d'assistance de ses parents au commerce privé, essentiellement comme chauffeur-livreur, et une première expérience d'enseignant dans plusieurs classes de l'Oesling, notamment à Hoffelt.

Carlo Engels s'engagea corps et âme en tant qu'instituteur de la Ville de Luxembourg au service de nombreuses classes. Plus tard, sa vaste expérience, sa dextérité hors pair et ses aptitudes pédagogiques, artisanales et manuelles l'amenèrent à mettre son expérience à l'avantage des ateliers de l'enseignement complémentaire, notamment à Weimerskirch, à Dommeldange et au Kirchberg. C'était en 1999 qu'il fit valoir ses droits à la retraite bien méritée.

Carlo Engels était un pédagogue averti, un homme altruiste de tout premier ordre, un époux, un père, grand-père, beau-père, beau-frère, et surtout, toujours un ami adoré, à la bonté de coeur hors pair, un créateur aux idées futuristes et une personnalité rayonnante, qualités exceptionnelles qui, durant des décennies, influencèrent des générations d'élèves et de concitoyens. De plus, il était une personne gentille, aimable, serviable et satisfaite aux attentes positives et à l'endurance inqualifiable. Sa créativité lui permit de toujours être à la recherche de solutions aux nombreux problèmes. Toutefois, il se refusa le privilège d'être toujours le centre de la vénération, lui qui, au grand coeur, ne cherchait nullement les honneurs ni les récompenses.

Sa perte laisse un vide cruel difficilement à combler.

Roby Zenner

syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

Bulletin d'adhésion : *

Je soussigné(e) :

Nom ..... Prénom ..... Date de naissance .....

Fonction (cf tableau en bas de page) ..... Promotion (année) ..... Institut : IP / ISERP / UdL / Etranger .....

Commune / Localité de travail ..... Nom de l'école .....

Domicile : Numéro ..... Rue ..... Code postal ..... Localité .....

Adresse électronique ..... Téléphone / gsm .....

demande par la présente mon affiliation au Syndicat National des Enseignants sne/cgfp

Procuration : *

Je soussigné(e) :

Nom et prénom ..... Date de naissance ..... Catégorie : cf tableau ci-contre .....

autorise par la présente le Comité central du sne/cgfp à prélever, jusqu'à révocation de ma part le montant de la cotisation annuelle échue sur mon compte

Compte numéro .....

auprès de CCP / établissement bancaire .....

Date .....

Signature .....

* à remplir un bulletin par personne adhérent
et à retourner au sne/cgfp :
- adresse postale : B.P. 2437, L-1024 Luxembourg
- fax : 40 73 56
- adresse électronique : sne@education.lu

ou adhésion par voie électronique sur notre site www.sne.lu

Tableau des cotisations annuelles sne/cgfp pour les années 2019 et 2020 (*)

sne/cgfp : CCPLLULL LU76 1111 0226 0096 0000

Catégorie	Fonction		sne + cgfp = Total	par mois	Assurance
Cat. A1 Cat. A2 Cat. A3 Cat. A4 Cat. A5 Cat. A6 Cat. A7	Institut. éducation préscolaire Institut. ens. primaire, spécial, EST préparatoire Institut. ens. ménager et familial autre ordre d'enseignement Chargé(e) de direction, chargé(e) de cours Chargé(e) de cours d'ens. relig. / éd. morale et sociale Chargé(e) de cours (institut. sans concours)		61 € +35 € = **96 €**	96 / 12 = **8 €**	RCpr comprise**
Cat. B	Ménage de 2 membres affiliés	I : 96 € II : 81 €	61 € + 35 € 46 € + 35 € = **177 €**	177 / 12 = **14,75 €**	RCpr comprise**
Cat.C	Communauté:	I : 96 € II : 81 € III : 81 € etc.	61 € +35 € 46 € +35 € 46 € +35 € etc. = ... €	..... € / 12 = ... €	RCpr comprise**
Cat. E	Étudiant(e) UdL, ou institut à l'étranger:		**0 €**	**0 €**	---
Cat. R	Membre retraité: Ménage de 2 membres affiliés:	I : 94,64 € I : 94,64 € II : 79,64 €	59,64 € +35 € = **94,64 €** 59,64 € +35 € = **94,64 €** 44.64 € +35 € = **79,64 €**	94,64 / 12 = **7,89 €** 94,64 / 12 = **7,89 €** 79,64 / 12 = **6.64 €**	--- --- ---
Cat. S	Membre sans assurance:		59,64 € +35 € = **94,64 €**	94,64 / 12 = **7,89 €**	---

(*) Suivant statuts, la cotisation est due pour le début de l'année civile. Les montants prélevés par procuration sont encaissés en février seulement
(**) Montants assurés: 3 718 402,87 € par évènement assuré - 1 239 467,62 € pour dommages matériels
Assurances: LE FOYER / LA LUXEMBOURGEOISE